N°2014
Entrée le 02.04.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, op d'parlamentaresch Fro n°2014 vum 5. Mäerz 2025 vum éierbaren Deputéierten André Bauler**

1. **Wéi vill Concessioune fir Caféen a Bare sinn hors nombre säit 2020 pro Joer ugefrot ginn? Wéi vill dovunner sinn accordéiert ginn ? Wéi vill si refuséiert ginn a wisou?**
2. **Wéi vill Concessioune fir Restaurante sinn hors nombre säit 2020 pro Joer ugefrot ginn? Wéi vill dovunner sinn accordéiert ginn ? Wéi vill si refuséiert ginn a wisou?**

D'Cabaretagegesetz vum 6. Juni 1989 betrëfft sougenannten « Ausschanken vun alkoholeschem Gedrénks » (*débit de boissons alcooliques*) a mécht an där Hisiicht keen Ënnerscheed tëscht Café, Bar oder Restaurant. Méi spezifesch viséiert den Artikel 6 vum virgenannte Gesetz, déi sougenannten „débits hors nombre".

Heidrënner ass d'Iwwersiicht fir déi gefrote Joren:

| Joer | Ufroen | accordéiert | refuséiert | "en cours" | "classé sans suite" |
|---|---|---|---|---|---|
| 2020 | 23 | 16 | / | / | 7 |
| 2021 | 22 | 16 | / | / | 6 |
| 2022 | 28 | 20 | / | / | 8 |
| 2023 | 17 | 14 | 1 | / | 2 |
| 2024 | 24 | 12 | / | 9 | 3 |

Eng Ufro gëtt "classé sans suite" wann z.B. den Antragsteller déi néideg Dokumenter/Informatiounen *à l'appui* vu senger Ufro net (all) präsentéiert, oder wann e matdeelt, dass e seng Ufro ofbrécht. Den eenzege Refus gouf mat enger Net-Konformitéit zum Cabaretagegesetz begrënnt.

**3. Ginn et Ënnerscheeder bei Caféen a Restaurante fir esou eng Concession hors nombre ze kréien ? Falls jo, wisou, a wat fir Ënnerscheeder sinn dat?**

D'Cabaretagegesetz gesäit vir, dass de Finanzminister nei „débits hors nombre" autoriséiere kann, wann d'Besoine vum Tourismus dat verlaangen oder an aussergewéinleche Fäll vun allgemengem Interessi.

An der Praxis gëtt bei Ufroe fir een „débit hors nombre" gekuckt, ob niewent dem Interessi vum Demandeur och e gewëssent allgemengt Interessi besteet fir d'Ausschank ëm deen et geet an/oder ob d'Ausschank zur Entwécklung vum Tourismus bäidréit.

Lëtzebuerg, den 2. Abrëll 2025
De Finanzminister
(s.) Gilles Roth